

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 7. Abrëll 2021

Här President,


sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N°3682 iwwert d'Kommunikatioun vun der Police schreift de Policeminister, datt vun 42 Iwwerfäll an de Méint November an Dezember 2020 "mindestens eng Dose Pressemeldungen zu Iwwerfäll " vun der Police gemaach goufen. Als Grond fir d'Net-Verëffentlechen nennt den Här Minister de "Critère ëmmer deen, dass d'Enquête mat enger Kommunikatioun no baussen net beaflosst gëtt" Weider schreift den Här Minister, datt "ab dem Moment, wou eng Strofdot geschitt ass, déi weider Kommunikatioun den zoustännege Justizautoritéiten ënnerläit." Zum Schluss schreift den Här Minister och nach als Äntwert ob d'Fro, wéi vill Täter vun den 42 Iwwerfäll schonn ermëttelt konnte ginn, Folgendes: "D'Police kann esou Recherchen net automatiséiert duerchféieren".

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Kann de Policeminister erklären, a wéiwäit eng Meldung, ewéi z.B. "am Stater Park ass eng Fra iwwerfall ginn" oder "op der Gare ass en Jugendleche bedroht ginn an huet missen säin Handy ofginn" eng Enquête beaflosse kann?
2. Kann de Minister méi genee präziséieren, vu wéi engem Moment ("ab dem Moment, wou eng Strofdot geschitt ass") un déi weider Kommunikatioun den zoustännege Justizautoritéiten ënnerläit? Dëst ass nämlech verwonnerlech, well de Minister jo schreift, datt eng Dosen Iwwerfäll vun der Police kommunizéiert goufen.
3. Am Hibleck op de Fait, datt d'Police keng "automatiséiert" Recherche kann duerchféieren, ob déi Täter vun den 42 Iwwerfäll schonn ermëttelt goufen: Kann den Här Minister dann unhand vun enger net-automatisierter Recherche soen, wéi vill potentiell Täter vun deenen 42 Iwwerfäll schonn ermëttelt konnte ginn? Kann d'Madamm Justizministesch eventuell och eng Äntwert op déi Fro ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten